ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 10/10/2024

# Rapport de la commission de l'agriculture et des chemins ruraux et forestiers

## Sëtzung vum 10. Oktober 2024

## Präsenzen

| **Present (Quorum 50% ≥6)** | **Entschëllegt** | **Nit oofgemëllt** | **Observateuren a Experten** |
|---|---|---|---|
| Emile SPLICKS (EB) | Raoul KIEFER (DP) | | |
| Nico EICH (EB) ? | Romain GIRSCH (DG) | | |
| Luc SCHOLTES (EB) | Rosie Brandenburger (CSV) | | |
| Luc LESCH (EB) | | | |
| Jean-Paul VOSMAN (AZH) | | | |
| Paul MAHOWALD (AZH) | | | |
| Louis Malherbe (DP) | | | |
| Sandy WIRTZ (CSV) ? | | | |

EB = Engagéiert Bierger, AZH = All Zesummen Helperknapp, DG = Déi Gréng

## Dagesuerdnung

1. Begréissung a Präsenzlëscht
2. Approbatioun vum Rapport vum 27.02.24
3. Programm ASTA 2025
4. Avant-projet vun engem neien Wee Atelier Téinten Richtung Bricherstrooss
5. Starkreenétude Versammlung mat der Emweltkommissioun
6. fräi Aussprooch
7. nächst Versammlung

## Punkt 1 : Begréissung a Präsenzlëscht

De Luc L. huet d'Memberen vun der Kommissioun wëllkomm geheescht an d'Präsenzlëscht ass gefouert ginn. De Quorum vun > 50% vun den Memberen ass erreecht.

ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 10/10/2024

## Punkt 2 : Approbatioun vum Rapport vum 27.02.24

De Rapport vun daer läschter Sëtzung vum 27.02.24 ass eestëmmeg ugeholl ginn.

## Punkt 3 : Programm ASTA 2025

Op Nofro bei der Gemeng kruet d'Kommissioun matgedeelt wéi eng Feldweeër am Joër 2025 waerten gemaach ginn:

| ***Uertschaft*** | ***Sektioun*** | ***Lieux-dits*** | ***geplangten Aarbechten*** | ***Längt*** | ***Breed*** |
|---|---|---|---|---|---|
| Téinten | TA | Helzerbierg (1) | Buedemwee | 900 m | 4,00 m |
| Téinten | TA | Scheidel (2) | Buedemwee | 300 m | 3,50 m |
| Téinten | TA | Scheidel (4) | Buedemwee | 150 m | 3,00 m |
| Téinten | TA | Follemersteck (7) | Buedemwee | 150 m | 3,50 m |
| Téinten | TA | um Waisserchen (7) | Buedemwee | 220 m | 3,00 m |
| Béiwen | BA | auf der Heid (31) | Buedemwee | 380 m | 3,50 m |
| Huelmes | TB | Weiherwasen (15) | Buedemwee | 500 m | 3,50 m |
| Téinten* | TB | In den Fouswiesen | Buedemwee | 250 m | 3,00 m |

* Den Emile Splicks huet matgedeelt dass dësen Wee rezent zousätzlech op de Programm vun der ASTA 2025 gesaat gouf.

Hei sinn déi entspriechend Extraiten aus em Geoportail:

***Hëlzerbierg (1)***



Helperknapp, 10/10/2024

***Scheidel (2) & (4)***




***Follemersteck (6)***



Helperknapp, 10/10/2024

***Um Waisserchen (7)***




***Auf der Heid (31)***



***Weiherwasen (15)***





***In den Fouswiesen***



Sämtlech Weeër kennen och iwert folgenden Link am Geoportail ugekuckt ginn: http://g-o.lu/3/wPV2

## Punkt 4 : Avant-projet vun engem neien Wee Atelier Téinten Richtung Bricherstrooss

De Luc L. huet der Kommissioun d'Information matgedeelt dass een neien Foussgängerwee zu Téinten tëschend dem Gemengenatelier an der Bricherstrooss waerd ugeluecht ginn. Sou hun d'Fousgänger d'Méiglechkeet een Trëppeltour ze maachen ouni deem aktuellen Geforenpunkt um CR112 (rue de Brouch) an deem bestehenden Feldwee ze maachen. D'Gespräicher fir déi néideg Terrainen ze kréien sinn um Laafen. De Wee gëtt als rengen Fousswee ugeluecht als waassergebonnen Decken. Hei ass de graffen Verlaf vum geplangtenen Wee:




## Punkt 5 : Staarkreenétude Gemeng Helperknapp

D'Agrar-, Fëldwee- a Bëschweekommissioun sollen zesummen mat der Emweltkommissioun een gemeinsamen RDV festléen fir vum Planungsbüro TR Engineering ingénieurs-conseils dës Etude erklärt ze kréien. Et sinn puer Datumer am Januar a Februar 2025 festgehaalen ginn (13.01, 20.01, 27.01, 03.02) an de Luc S. klärt dës Datumer elo mam Präsident vun der Emweltkommissioun oof an dem Vertrieder vum Planungsbüro oof fir een gemeinsamen Dag ze fannen.

## Punkt 6 : fräi Aussprooch

De Luc L. huet der Kommissioun matgedeelt dass deen bestehenden Tréppelwee tëschend Bruch a Bëschdrëf laanscht den CR112 lo giff op daer ganzer Längt mat enger waassergebonnen Decken gemaach ginn. Sou ass en fir all Notzer/in begehbar respektiv befuerbar (Velo, Kannerkutsch asw.). Donieft huet d'Gemeng och een Tosch gemaach dass daat feelend Stéck Wee och elo kann erschloss ginn.

D'Sandy huet der Kommissioun d'Information matgedeelt dass de Léierpad deen rondrëm de Fënsterdall an den Obenthalt geet an engem schlechten Zoustand ass, zumols déi eenzel Schëlder wou d'Flora erklären sinn nawell an d'Joëren komm. De Luc L. deelt mat dass aktuell eng Pompelstatioun gebaut gëtt, no dësen Aarbechten kéint een gemeinsam mat der ANF kucken fir deen Wee nees néi unzeléen. Donieft kënnen jo dann och entspriechend Schëlder bei déi nei Quellenfaassung gesaat ginn fir de Bierger/innen dës Informatioun ze erklären.

Et gouf d'Décisioun geholl dass d'Kommissioun waerd an Zukunft iwert een Whatsappgrupp kommunizéiren fir esou méi schnell kënnen ze handelen bei Ufroen respektiv allgemengen Informatiounen. Et goufen an ginn nach ëmmer munschmol Problemer mat der Verdeelere-mail vun der Kommissioun bei verschiddenenen Memberen.

## Punkt 7 : nächst Versammlung

Déi nächst Versammlung ass op **Méindes den 2. Dezember 2024 um 18h30** geluecht. De Luc S. reservéiert de Veräinsbau bei der Gemeng fir deen Dag.